

# youthMAG

Le magazine du secteur de la jeunesse

ISSN : 2535-9029  
Printemps / été 2019 N°4

## ANTENNES LOCALES POUR JEUNES

No beim Jonken

## ATELIERS DU SNJ

Über Selbstvertrauen, Kompetenzen  
und Zero Waste

## YOUTH.LU

Am neien Look & Feel

Édité par :  
 Service National  
de la Jeunesse



# www.fragebogen.jugend.lu

Fragebogen für die offene und aufsuchende Jugendarbeit.  
Ein Instrument zum mühelosen Erstellen eines Online Fragebogens.

Eine Arbeitsgruppe hat zusammen mit einem Experten und der Unterstützung vom SNJ eine ausführliche Liste an möglichen Fragen aufgestellt. Mit diesem Online-Instrument kann jeder auf unkomplizierte Weise seinen individuellen Fragebogen erstellen, die Fragenkategorien auf welche er sich Antworten erwünscht, auswählen und in einer beliebigen Reihenfolge aufstellen.

Dies ermöglicht „**dass Aufsuchende Jugendarbeit zeitnahe, anlassbezogene und vor allem auf die Situation vor Ort abgestimmte Befragungen durchführen kann. (...) es gibt eine Vielzahl an klaren, überprüfbaren Zielen und Merkmalen, welche wir immer wieder strukturiert durch die Nutzung des Fragebogens zur Ermittlung von den Bedarfen und der Ist-Situation vor Ort abgleichen können.**“

(Pädagogische Handreichung, Fragebogen für die offene und aufsuchende Jugendarbeit, SNJ, 2017)

## PLUS D'INFORMATIONS

kim.schortgen@snj.lu – T. 247 86466



# SOMMAIRE



Fragebogen « Aufsuchende Jugendarbeit » .....	02
Jugendpreis 2019 .....	04

## ANTENNES LOCALES POUR JEUNES

No beim Jonken – ALJ am Gespräisch .....	06
Kontakte und Netzwerke schaffen .....	08
BE ACTIVE Sud .....	09

## ATELIERS DU SNJ

Upcycle your competences .....	10
--------------------------------	----

## AGENDA

Upcoming events .....	16
-----------------------	----

Parcours Formation .....	18
In die Berufswelt hineinschnuppern .....	19
ALJ in den Sekundarschulen .....	20
Maison de l'Orientation .....	21

## PROJET GO

De Kamellebuttek .....	22
------------------------	----

## YOUTH.LU

Am neien Look & Feel .....	23
----------------------------	----

### IMPRESSUM

YOUTHMAG - Le magazine pour le secteur de la jeunesse

#### Coordonnées:

SNJ – Division « Formations et Soutien aux Projets Pédagogiques »  
Forum Geesseknäppchen  
40, bd Pierre Dupong • L – 1430 Luxembourg  
T. 247 86400 • E. info@youth.lu

**Rédaction:** Division « Formations et Soutien aux Projets Pédagogiques », les associations du secteur de la jeunesse, avec le soutien rédactionnel de Jeanne Adam

#### Vos suggestions à:

mag@youth.lu

#### Mise en page:

Graphisterie Générale / Kehlen

**Crédit photos:** Anna Katina, Repères, Jeanne Adam, projets du Jugendpreis, SNJ, et tous les autres qui ont éventuellement été oubliés.

**Papier:** FSC Recycled Credit

**Impression:** Imprimerie Centrale

**Tirage:** 1 000 exemplaires

**ISSN:** 2535-9029

**Edition printemps/été 2019**

La reproduction non-commerciale, non-modifiée et la distribution sont expressément autorisées à condition de citer la source. Imprimé au Luxembourg.





# Jugendpräis Jamais deux sans trois!

No zwou ganz erfollegräichen Editiounen 2015 an 2017 stoung dëst Joer schonn déi drëtt Editioun vum Jugendpräis um Programm.

**O**ch dës Kéier wollt de Service national de la Jeunesse dem Jugendsektor nees eng Bühn gi fir sech a seng Projeten no baussen ze presentéieren. Als SNJ sti mir der Jugendarbecht zu Lëtzebuerg natierlech besonnesch no, a mir gesinn déi gutt Aarbecht oft aus éischter Hand. Mir gesinn awer och datt vill flott Initiativen a Projeten oft net déi Opmierksamkeit kréien, déi se verdéngt hätten – a genee dat wëlle mir mam Jugendpräis änneren.

Och wann d'Gewënner zum Zäitpunkt, wou dës Zeile geschriwwen goufen, nach net bekannt waren, sou kann een awer eent scho festhalen; an zwar datt déi vill verschidden Acteuren, déi an der Jugendarbecht aktiv sinn, eng immens grouss Unzuel u flotten, innovativen an ofwieslungsräiche Projeten realiséieren. Ob professionell Struktur oder awer kleng Asbl, si all bréngen et fäerdeg, mat grousem perséinlechem Asaz vun de bedeelegte Persounen, déi Jonk ze aktivéieren, si ze bedeelegen an als vollwäerteg Memberen vun eiser Societéit unzerkennen.

Mam Jugendpräis wëlle mir dofir och net just déi bescht Projetsiddien auszeechnen, mee dat Ganzt an e méi grouse Kontext setzen. Sou weisen déi 65 Projeten, déi dëst Joer matgemaach hunn nämlech och ganz androcksvoll, wéi

engagéiert a begeeschterungsfähig déi Jonk haut sinn, och wa gären de Géigendeel behaupt gëtt. Op der anerer Säit stinn d'Jugendarbechter, ob elo bénévol oder haaptamtlech, déi mat hirem Engagement an Asaz der Gesellschaft een onersetzlechen Déngscht erweisen. Och si wëlle mir, an hirer Gesamtheit, mam Jugendpräis auszeechnen.

## Facts

- **6 Kategorien:** „Kreativitéit ënnerstëtzen“, „Fir eise Planéit“, „Iwwer d'Grenzen ewech“, „Sech wuelfüllen“, Digital Liewenswelten“ an „Ee fir deen aneren“
- **65 eligibel Projeten** si beim Appel à candidatures erakomm
- **19 nominéiert Projeten**
- **7 Präisser** dorënner och de „Prix du public“
- **800 m²** fir d'Jugendarbecht ze feiern
- **200 Invitéeën** bei der Soirée de remise





## MÉI INFORMATIOUNEN

Um Site [www.jugendprais.lu](http://www.jugendprais.lu) fannt dir net nëmmen Dokumentatioun vun alle Projeten déi matgemaach hunn, mee och d'Clippen vun den nominéierte Projeten an natierlech och d'Gewënner vun der Editioun 2019.



## No beim Jonken



Mat dem Gesetz vum 22. Juni 2017 ass d'„Action locale pour jeunes“ opgeléist ginn an den SNJ huet seng Missiounen a Mataarbechter iwwerholl. Domadder ass den SNJ, nieft all sengen aneren Aufgaben, elo och zoustänneg fir déi Jonk geziilt opzesichen, déi mat hirer Schoul opgehal, oder et schwéier hu mam Iwwergang vun der Schoul an d'Beruffsliewen. E Gespréich mam Nathalie Schirtz, directrice adjointe vum SNJ.

2

**017 sinn aus der „Action locale pour jeunes“ d'„Antennes locales pour jeunes“ entstanden. Huet sech domadder och eppes um Konzept geännert?**

De Jonken individuell ze beroden an ze begleeden ass natierlech den Haaptobjektiv bliwwen. Mir hunn awer probéiert d' Konzept ze schäerfen, an de Profil vun deenen eenzelen Agenten an de lokalen Antenne weiderzëentwéckelen, dass déi ganz Offeren zesummen elo e Ganzt bilden. Esou huet de Jonken d'Méiglechkeet bei eis e ganze Parcours ze duerchlafen a vu verschiddenen Offeren ze profitéieren, déi him hëllef kënnen erëm Fouss ze faassen, an der Schoul oder am Beruffsliewen. Ugefaange bei Berodung, Formatiounen, iwwer praktesch Erfarungen an Atelieren, Services volontaires a Stagë bis hin zu enger Ausbildungsplaz. De Betreffene kann sech och eng genau Iwwersiicht maachen iwwert dat wat mir him ubidden kënnen oder awer och aner Prestatairen. De Moment schaffe 35 Leit bei deenen eenzelen Antennen déi iwwert dat ganz Land verdeelt sinn.

**Wéi muss ech mir dat als Jonke bei esou enger Antenn virstellen? Muss een do wéi esou oft ganz formell een Ticket huelen an dann op säin Tour waarden?**

Nee, mir hu gekuckt fir dat ganz einfach ze organiséieren. Et brauch een einfach nëmmen iwwer Telefon, SMS oder Email ee RDV ze huelen. Dat geet relativ séier. Mir organiséieren awer och 4 mol am Mount a verschiddene Regiounen eng Infosessioun, op déi de Jonke ganz zwanglos ka kommen ouni sech unzemellen. D'Datumer vun den Informations-

versammlunge sinn um Internet annoncéiert, an den Antennen affichéiert an och bei eise Partner bekannt. Mir organiséieren och 2 mol d'Joer zesumme mat Gemengen a Jugendorganisatiounen eng grouss Foire wou di Jonk an hir Elteren Informatiounen a Kontakter zu Servicer an der Aarbechtswelt kréien. Ee Jonken, dee mat eis a Kontakt ass, kritt op alle Fall dei néideg Informatioun.

**Wéi leeft är Zesummenaarbecht mat de Jugendhaiser?**

D'Jugendhaiser si ganz gutt mat deene verschiddenen Agenten vernetzt. D'Educateure kennen sech ënnerteneen a mir hunn d'Erfahrung gemaach, dass den Austausch tipptopp funktionéiert. Si hunn och de Reflex fir de Jonke bei eis oder op eng Informatiounsversammlung ze schécken. Oder si ginn och mol mat him dohinner wann en sech net traut. Eemol am Joer maache mir och eng Weiterbildung mat den Educateure fir se mat eisen Offere vertraut ze maachen.

An dësem Kontext ass et néideg ze soen, wéi wichteg et ass, dass d'Jugendarbechter an d'Jugendhaiser déi Betreffte bei d'Agente vun den ALJ weiterleeden. Eis Agente si wierklech d'Spezialiste vum Schoulsystem. Si sëtzen sech andauernd selwer à jour, z.B. wann nei Konditiounen si fir an eng Formatioun eranzekommen oder d'Kritären ännere fir eng bestëmmten Ausbildung ze maachen. Wann een net an deem Milieu dran ass, da kritt een déi Ännerungen net ëmmer mat an d'riskéiert een dem Jonken eng falsch Informatioun mat op de Wee ze ginn.

Mir sinn och gutt mat der Maison de l'Orientation vernetzt am Fall wou Modalitéiten ännere punkto Orientatioun a wësse wat méiglech ass a wat net.

**Net all Mënsch huet déi selwecht Geschicht, Motivatioun oder Kompetenzen. Wann ee Jonken de Wee bei iech fonnt huet, wat fir Alternativen offréiert d'ALJ him ?**

Am Ufank gëtt mol gekuckt wou de Jonken drun ass, wat huet hie schoulesch gemaach, wat wëll hie weider maachen, wou wëll hien hin? Wann hien dat net weess, da gëtt dat an engem perséinleche Suivi mat him ausgeschafft. All Jonken huet eng Referenzpersoun, déi kuckt mat him ee Vertrauensverhältnes opzebaue fir och längerfristeg ouni Konflikter kënnen zesummen ze schaffen.

Duerno kucke mir a wéi eng Richtung mir hien orientéiere kënnen oder wéi eng Experienzen him hëllef kënnen Kompetenzen opzebauen, eng Ausbildungsplaz ze fannen, erëm Selbstvertrauen ze hunn oder einfach nëmme fir eng inaktiv Zäit z'iwwerbrécken. Et ass wierklech vu Persoun zu Persoun verschidden. Déi eng brauche vill Ënnerstëtzung a perséinleche Kontakt fir hire Rhythmus erëm ze fannen oder an engem Grupp ze schaffen. Déi aner brauche just ee Stupps oder einfach nëmme déi richteg Info wéi z.B. fir ee gudde Service volontaire ze fannen.

Wat d'Orientatioun ugeet, sou kucke mir natierlech och wat et ausserhalb vum SNJ vun Offere gëtt. Mir schaffen do och mam Privatséktor zesummen. Wann et Sënn mécht, kann den Agent aus der ALJ de Jonken z.B. an ee Stage vu maximal 4 Wochen an eng Entreprise vermëttelen, dëst am Beschten en vue vun enger Léierplaz. Et ass schonn ëfters virkomm, dass den Jugendlechen esou an engem Betrieb agestallt gouf.

**Zwee Joer sinn zënter der Ëmstrukturéierung vergaangen. Wéi ee Bilan kënnt dir bis elo zéien ?**

Mat der Zäit hu sech all eis Angeboter esou verfeinert, dass se all déi selwecht Prinzipien uwenden. De Jugendleche kënnt ëmmer fräiwëlleg bei eis. Mir schaffen esouwuel individuell wéi och am Grupp. D'Gewiicht läit op der Teamaarbecht a mir probéieren dem Betreffende Selbstvertrauen ze ginn a seng sozial Kompetenzen ze entwéckelen. An deem Sënn gesi mir eis och als Complément zu der Schoul an der formaler Bildung.

An Zukunft wäerte mir dorunner schaffen, fir dass dat, wat déi Jonk bei eis geléiert hunn och am Kader vun hirer Integratioun an d'Schoul oder an eng Ausbildung unerkannt gëtt. Déi Saachen, déi se geléiert hunn, an déi Experienzen, déi se gemaach hunn, sollen net fir näischt gewiescht sinn, mee si sollten och an hirem Liewenslaf comptabiliséiert ginn. Dat ass eis wichteg.

**Merci fir d'Gespréich.**

**800**

Visiteuren koumen op déi 2 grouss BE ACTIVE Foiren, organiséiert 2018 an Zesummenaarbecht mat verschiddene Jugendhaiser

**4.000**

Kontakter mat Jugendlechen huet d'ALJ pro Joer

**2.000**

Décrocheuren erreechen mir pro Joer

**500**

Jonker komme pro Joer op eis Infosessions

**„All Jonken huet eng Referenzpersoun, déi kuckt mat him ee Vertrauensverhältnes opzebaue fir och längerfristeg kënnen zesummen ze schaffen“**

## Kontakte und Netzwerke schaffen


Die MitarbeiterInnen der Antennes locales pour jeunes (ALJ) sind ExpertInnen auf dem Gebiet der Information, der Beratung und der non-formalen Bildung, wenn es darum geht, den Sprung in die Berufswelt zu schaffen, einen Weg zurück in die Schule zu finden oder eine Zeit der Inaktivität zu überbrücken. Sie schaffen Gelegenheiten, um der eigenen Zukunft mit Zuversicht entgegen zu blicken.

**E**s gibt verschiedene Möglichkeiten, mit den ALJ in Kontakt zu treten. Zum einen kann man in einer der zwölf Zweigstellen im ganzen Land einen Termin ausmachen, um sich beraten zu lassen und ein eigenes Zukunftsprojekt zu entwickeln. Zum anderen organisieren die ALJ regionale Veranstaltungen, um Jugendlichen und jungen Erwachsenen ihr Angebot näherzubringen. Jede Woche findet in einer der vier Regionen des Landes (Norden, Osten, Zentrum, Süden) eine Infoveranstaltung statt, zu der man einfach ohne Anmeldung gehen kann.

Zweimal im Jahr veranstalten die ALJ in Zusammenarbeit mit Partnern vor Ort, wie zum Beispiel den Jugendhäusern oder den Gemeinden eine Informations- und Kontaktbörse auf regionaler Ebene. Unter dem Motto „Be Active“ regen diese Veranstaltungen die Jugendlichen dazu an, sich mit ihrer Zukunft auseinanderzusetzen und in einem informellen Rahmen Kontakt mit VertreterInnen aus Unternehmen und sozialen Einrichtungen aufzunehmen. Die „Be Active“-Events richten sich nicht nur an Jugendliche, sondern auch an deren Eltern, die oft eine wichtige Rolle bei der Berufsorientierung ihrer Kinder spielen.

Details zu den nächsten Infoveranstaltungen und „Be Active“-Events findet man auf der Website der ALJ: [www.alj.lu](http://www.alj.lu)

DIE 12 STANDORTE



Im Jahr 2018 nahmen **1.276 Jugendliche** die unterschiedlichen Informationsangebote der ALJ wahr:

- An den insgesamt **49 Info-Sessions** beteiligten sich **438 Jugendliche**.
- **238 Jugendliche** waren bei „Be Active Nord“ dabei,
- **600 Jugendliche** schauten bei „Be Active Sud“ vorbei.





# Be Active Sud – pour tous ceux qui ont envie d'avancer

La troisième édition de Be Active Sud a eu lieu le 20 février 2019 au Centre culturel « opderschmelz » à Dudelange. Christelle Kodische, chargée de direction du Point Information Jeunes (PIJ) à Esch, explique le concept « Be Active » et donne ses impressions de la journée.

## **Youthmag : Quelle est l'idée derrière les foires Be Active ?**

Christelle Kodische : On a commencé avec les « Be Active » au sud du pays il y a trois ans. En fait, à ce moment, il y avait beaucoup de foires de la sorte, de façon qu'il était difficile pour les organisations d'être représentées partout et les jeunes étaient les mêmes sur tous les événements. Ensemble avec le SNJ, nous avons donc décidé de créer un gros événement régional sud, toujours le mercredi des vacances de carnaval.

## **Quelles organisations y sont représentées ?**

Il y a bien sûr beaucoup d'entreprises, mais aussi une panoplie d'associations à la recherche de jeunes bénévoles, par exemple LuxCon, 4motion, Radio Graffiti, Greenpeace, EcPat etc. En fait, c'est ce qui nous distingue d'autres foires d'emploi comme le RTL-Jobdag : Nous ne cibons pas uniquement l'emploi. « Be Active » présente toutes sortes d'opportunités pour s'activer : job vacances, apprentissage, volontariat, bénévolat, formation, tout ce qui touche à l'engagement.

## **Quel message avez-vous pour les jeunes ?**

Pour les jeunes qui cherchent un emploi plus tard, il est vraiment important d'avoir un CV qui montre qu'ils ont fait des choses en parallèle à l'école. Notre message aux jeunes, c'est de s'engager dans ce qu'ils aiment faire. L'école et faire

des sous pendant les vacances, c'est bien, mais montrez que vous ne faites pas uniquement ce que vous êtes obligés de faire.

## **Comment fonctionne la coopération entre les ALJ et le PIJ ?**

L'avantage de coopérer avec les ALJ, c'est qu'ensemble, nous sommes en contact avec beaucoup de jeunes : au PIJ, aux ALJ, dans les écoles. Cela facilite beaucoup la publicité de l'événement. En ce qui concerne la séparation des tâches, c'est plutôt moi qui s'occupe du volet « entreprises » et les ALJ, qui ont derrière eux le SNJ, des contacts avec l'Adem, la Maison de l'orientation etc. Les autres tâches, on les distribue selon les disponibilités de chacun. Cette fois-ci, on a aussi reçu énormément de soutien de la commune de Dudelange.

## **Vous étiez contents de l'édition à Dudelange ?**

Oui, tout à fait. Le feedback des exposants a été très positif et nous avons déjà plein de demandes pour participer à la prochaine édition. Au niveau des visiteurs, on a eu une petite baisse, probablement à cause du lieu un peu décentralisé, mais on verra ça au cours des semaines prochaines avec les jeunes. Et puis on commence la planification de la prochaine édition... à Bettembourg !



# ATELIERS DU SNJ

**MODEL: ANA CARINA MARINHEIRO NETO**

a participé à l'atelier 12a à Colmar Berg  
de juillet 2017 à mars 2018. Ana porte un ensemble  
réalisé par les jeunes de l'atelier de couture.





# Upcycle your competences

Le projet pilote des ateliers a commencé il y a 5 ans dans un garage à Larochette avec comme objectif de retrouver un rythme de vie au quotidien, de renouer avec une activité valorisante en développant les compétences sociales et créatives.

**D**u lundi au vendredi, les participants des ateliers sont encadrés par une équipe socioéducative. Dans un espace sécurisé, les jeunes réapprennent à prendre confiance en eux-mêmes, à rompre avec une période d'oisiveté et à respecter les règles de base de la vie en société (p.ex.: prévenir le responsable en cas de retard ou d'absence, respecter le groupe, etc.).

Les repas de midi pris en commun contribuent par exemple à la création d'une dynamique de groupe et favorisent l'échange entre les jeunes et les experts. En outre, il s'agit d'un moyen d'apprendre les règles de base à table et de développer le plaisir de manger en groupe.

Les ateliers en tant qu'offre à bas seuil sont faciles d'accès : il suffit de prendre contact avec un agent « Atelier » des Antennes locales pour jeunes afin de fixer un rendez-vous pour visiter l'atelier.

Les ateliers s'adressent à des jeunes dont un retour à l'école ou une intégration sur le marché du travail ne peut être envisagé directement. Cette offre de bas seuil accueille des participants qui ne sont pas scolarisés, qui ne suivent pas de formation et qui ne travaillent pas (NEET – not in education, employment or training).

## CONDITIONS D'ACCÈS

- ne plus être soumis à l'obligation scolaire
- être âgé de moins de 30 ans
- résider légalement au Luxembourg
- comprendre au moins une des trois langues officielles du pays.

*„D'Zil ass, déi Jonk  
ze motivéieren, erëm um  
aktive Liewen deelze-  
huelen, Selbstvertrauen  
ze entwéckelen an esou  
hiren Zukunftsprojet  
opzebauen“*



La philosophie de l'**Upcycling** est également au cœur de ce projet. Ainsi la plupart du matériel utilisé au sein des ateliers a été récupéré à gauche et à droite afin de donner un nouveau look à ces objets. Au sens figuré, on donne une seconde vie à des anciens objets (vêtements, tissus, bois, etc.) tout comme les jeunes se donnent une deuxième chance pour réussir leur vie.

La sensibilisation à l'approche du **ZéroWaste** permet non seulement à attirer l'attention sur ce sujet, mais permet en parallèle aux jeunes de comprendre les différentes étapes à suivre quant à la réalisation d'un produit et leur laisse assez de place à la créativité (faire le choix au niveau des couleurs, formes, matériaux utilisés, etc.).

La mise en place des activités au sein des ateliers se base sur les méthodes d'apprentissage non-formelles, c'est-à-dire les activités sont centrées sur l'apprenant et les méthodes et objectifs sont adaptés individuellement aux participants. L'apprentissage est orienté sur le processus et il n'y a pas de pression de temps ou une obligation de réussite. C'est le but qui indique la voie.

Au quotidien, les jeunes sont pris en charge par des experts qui garantissent l'encadrement technique selon leur champ de compétences (cuisine, bois, couture, sérigraphie). De plus, chaque jeune a un éducateur de référence qui l'accompagne en individuel et établit avec lui un projet personnel. Cela garantit au participant un soutien individualisé que ce soit au niveau administratif (rédaction de lettres de motivation, CV, appel téléphonique, etc.) ou dans les démarches vers la vie active (recherche de stages, inscription à l'Adem...).

En outre, des formations sont organisées régulièrement par les éducateurs. Les sujets varient selon le sujet d'actualité ou les besoins des jeunes. En effet, un grand nombre de participants rencontre des difficultés à gérer leur quotidien et nombreux sont les questions autour de la gestion de la vie courante en tant que jeunes adultes (déplacement physique, orientation sexuelle, gestion de budget, recherche d'emploi, logement, relation émotionnelle, etc.).

Les ateliers collaborent également avec d'autres services et institutions comme les maisons de jeunes, l'ADEM, le CePAS... Ceci dans le but de mieux pouvoir orienter, former, conseiller voire informer les jeunes mais également de promouvoir les ateliers à travers le pays.

### PLUS D'INFORMATIONS

Isabelle Mariutto (SNJ) [isabelle.mariutto@snj.lu](mailto:isabelle.mariutto@snj.lu)

Jessica Leuck (SNJ) [jessica.leuck@snj.lu](mailto:jessica.leuck@snj.lu)

T. 247 - 86479





„Ech sinn elo 20 Joer al an ech hunn am Atelier matgeschafft.

Ech hunn do geléiert mam Holz ze schaffen. Dat konnt ech schonns bässe virdrun.

Haaptsächlech hunn ech awer vill Saache geléiert, déi de mënschlechen Ëmgang betreffen: Respekt, Toleranz, déi aner Leit ze akzeptéieren an och Autoritéit unzehuelen. Dat war am Ufank mäi gréisste Problem.

E grouse Virdeel ass, datt een déi Zäit attestéiert kritt, wou een hei geschafft huet.

Et kritt een en Certificat de l'engagement an dee kann een dann dem Patron beim Virstellungsgespräch weisen oder esouguer direkt mat senger Bewerbung aschécken.“

De Yann huet vun Januar bis Juni 2018 am Atelier 27b an der Stad matgeschafft an huet duerno ee Service volontaire national bei der Entente vun de Jugendhaiser (EGMJ) am administrative Beräich gemaach.

## Les différentes étapes à parcourir à l'atelier

Après que le jeune se soit informé à la session d'information par rapport aux diverses offres de l'ALJ et s'il souhaite s'inscrire aux ateliers, il pourra participer à une visite qui sera organisée dans les jours qui suivent la session d'information.

- **Visite de l'atelier :** lors de cette visite, le jeune reçoit des explications relatives au fonctionnement de l'atelier (règles, déroulement de la journée, etc.). Il peut, par la suite, commencer dans l'immédiat, par une semaine d'essai.
- **Semaine d'essai :** cette période sert à se familiariser avec le mode de fonctionnement de l'atelier et si le jeune peut s'y identifier. Il en est de même pour les experts, qui auront le temps à se faire une impression du participant et à le connaître. Par la suite, un entretien d'accueil est prévu.
- **Entretien d'accueil :** ensemble, l'éducateur et l'expert de l'atelier, expliquent au futur participant les objectifs et les règles de l'atelier. Le jeune, quant à lui, leur fait part de sa motivation et ensemble ils discutent des objectifs à viser.
- **Bilan intermédiaire :** ce bilan est prévu après 6 à 8 semaines, afin de faire le point avec le jeune et le cas échéant, redéfinir les objectifs avec un expert de l'atelier et l'éducateur responsable.
- **Entretien de clôture :** un dernier entretien aura lieu avant que le jeune quitte l'atelier vers d'autres projets. Le but de cet entretien étant de faire le tour (projets réalisés, comportement, motivation, travail sur soi, etc.) et de se visualiser via une grille d'autoévaluation.
- **Suivi :** une fois que le jeune s'est orienté vers d'autres services, le suivi peut être garanti jusqu'à un an après avoir quitté les ateliers. Cela permet d'encourager et de soutenir les anciens participants dans leur choix et de les réorienter le cas échéant.

# S'engager pour son projet personnel

Les 3 ateliers du SNJ sont répartis à travers le pays dans 4 domaines et offrent aux jeunes la possibilité de réaliser leurs propres idées et créations.

**B**ien que la thématique soit spécifique à chaque atelier, le fonctionnement tout comme le déroulement quotidien se basent sur le même principe : les jeunes s'engagent de façon bénévole et sont accueillis six heures par jour. Quatre jours sur cinq ils travaillent sur un projet de groupe commun, qui est développé ensemble avec les experts des ateliers (création/rénovation de meubles, fabrication de gadgets, etc.) Le vendredi est consacré au développement et à la réalisation du projet personnel.

Les produits réalisés aux ateliers représentent une plus-value tant pour le jeune que pour la société. En effet, de nombreux produits différents sont créés chaque année: accessoires, vêtements, bijoux, sacs, meubles, sérigraphies etc. Ces objets sont vendus sur divers marchés à travers le pays. Les recettes réalisées sont données à un projet d'utilité publique dont les jeunes décident ensemble à quelle organisation ils souhaitent faire le don.



## Cuisine

L'atelier cuisine permet aux jeunes d'apprendre à préparer des plats simples, à gérer un budget et à connaître les aliments. Il s'agit également d'identifier et d'appliquer les différents aspects de l'hygiène et de la sécurité en cuisine.



## Couture

Les jeunes ont la possibilité d'apprendre les techniques de couture, de créer de nouveaux produits à l'aide de tissus usés et de mettre en œuvre leur créativité.

---

**PLUS D'INFORMATIONS POUR LES DEUX ATELIERS**  
Atelier 12a - 12a, Cité Morisacker - L-7735 Colmar-Berg  
Tatiana Leijten, [tatiana.leijten@snj.lu](mailto:tatiana.leijten@snj.lu) - T. 621 377 576



# Sérigraphie

À Esch, les jeunes apprennent la technique de la sérigraphie tout en se servant de leur créativité pour planifier et créer des projets afin de les imprimer sur différentes matières.

## PLUS D'INFORMATIONS

Atelier 51  
51, rue d'Audun - L- 4018 Esch-sur-Alzette  
Domenico Berardino, domenico.berardino@snj.lu  
T. 621 395 850



# Bois

Dans cet atelier, les jeunes apprennent différentes façons de travailler le bois, créer différents objets, rénover et fabriquer du petit mobilier.


## PLUS D'INFORMATIONS

Atelier27b - 27b Bld Grande-Duchesse Charlotte  
L-1330 Luxembourg  
Manou Decker, manou.decker@snj.lu - T. 621 653 345

## Les dates à ne pas manquer !

**AGENDA COMPLET :** [youth.lu](http://youth.lu)

Il vous manque une date importante, contactez-nous : [info@youth.lu](mailto:info@youth.lu)



### 4 juin 2018 Seminaire am Kader vun der betriblicher Gesondheitsförderung EGMJ - Luxembourg

Seminaire op Lëtzebuergesch fir JugendaarbechterInnen, anert Personal aus dem Jugendsektor wéi och interesséiert Jonker

[www.egmj.lu](http://www.egmj.lu)

### 13 juin 2019 No risk no fun – Risikokompetenz in der Jugendarbeit EGMJ - Luxembourg

10-12 Auer. Seminaire op Lëtzebuergesch fir JugendaarbechterInnen zum Thema Suchtpräventiv Jugendaarbecht an Zesumenaarbecht mam Cept

[www.egmj.lu](http://www.egmj.lu)



### 15 juin 2019 20 Joer Jugendhaus Rëmeleng Moartplaz zu Rëmeleng

Fir all Leit déi interesséiert, concernéiert oder einfach virwëtzig sinn. Musek an Ambiance vum Dj FREEZY, Muffles vun Mr& Mrs Muffle. Wie wëll, kann sech seng Hoer am eenzegaartege Barbertruck by Ken Kries schneide loosse

**Plus d'infos:** 26 56 00 82, FB Jugendhaus Rëmeleng



### 26 juin 2019 4. Symposium fir Jugendaarbechter Mariendall

Abschreiwung bis de 24. Mai 2019

**Plus d'Infos :** [Kim.Schortgen@snj.lu](mailto:Kim.Schortgen@snj.lu)

### 7 et 8 juil. 2019 Maker Fest – Summer edition

Lycée Edward Steichen – Clervaux

Coding, technology, wearables, digital design, robots, 3D Print, gaming and much more

[www.bee-creative.lu](http://www.bee-creative.lu)

### 8 juil. 2019 STEM-Contest

Colmar-Berg

Concours par la société Goodyear pour promouvoir les compétences techniques (Sciences, Technologie Ingénierie, Mathématiques) auprès des lycéens luxembourgeois

### 13 juil. 2019 Funpark-Cup Mertert

Tournoi fir Basket & Fussball. Umeldung am Jugendhaus Waasserbëlleeg – T. 267 40424 oder 621 338122

[www.funpark.lu](http://www.funpark.lu) - [www.facebook.com/FunparkMertertWasserbillig/](https://www.facebook.com/FunparkMertertWasserbillig/)



### 16-26 juil. 2019 Youth World City Miselerland Remich

Summeraktivitéiten op der Musel nohaltig an eenzegaartege gestalten an erliewen, dëst mat engem inklusiven a kooperative Gedanken. Organiséiert vun den Jugendhaiser vun de Gemenge vun Duelem, Réimech, Munneref a Gréiwemaacher





Le SNJ organise et soutien également des formations dites « internationales ». Ces formations permettent aux professionnels du secteur d'échanger non seulement avec des collègues du Luxembourg, mais également de discuter et de découvrir le mode opérationnel de leurs collègues à l'étranger.

## 22-27 juil. 2019 « Design Thinking »

« Design Thinking » est une méthode permettant de résoudre de manière pratique et créative des problèmes en vue d'améliorer un résultat futur.

## 2 - 6 sept. 2019 « Empowerment for employment »

Cette formation fournira aux animateurs de jeunesse des outils pour aider à soutenir et à développer les compétences des jeunes, à identifier ce qui est important dans leur vie et à définir le premier pas, qui les mènera à ces objectifs.

## 4 - 9 nov. 2019 Formation « Maker-spaces in digital youth work »

Une formation pratique, destinée aux animateurs de jeunesse qui souhaitent créer un réseau international dans le domaine du travail de jeunesse numérique et des compétences numériques créatives.

**Plus d'infos :** [tania.matias@snj.lu](mailto:tania.matias@snj.lu)  
[www.salto-youth.net](http://www.salto-youth.net)

## 21 sept. 2019 On Stéitsch

### Rotondes

Un festival riche en culture et art pour jeunes et moins jeunes pour promouvoir la culture des jeunes et d'améliorer la visibilité de ses acteurs

[www.onsteitsch.lu](http://www.onsteitsch.lu)



## Tous les vendredis Freides um 15h, Dënstes als Rediff um 18h op Radio ARA

D'Tessie, d'Kelly an d'Anna schwätzen iwwer méi wéi Sex! E Projet vum CESAS (cesas.lu) an Zesummenaarbecht mam Radio ARA a Graffiti (ara.lu) Finanziert vun der Œuvre Nationale de Secours (oeuvre.lu)



## 1 oct. 2019 à 12 heures Date limite

pour le dépôt de dossiers dans le cadre du Programme Erasmus+/Jeunesse

[www.anefore.lu](http://www.anefore.lu)

## 17 oct. 2019 Cannabis Legaliséierung – eine Herausforderung für die Jugendarbeit Luxembourg - EGMJ

10 – 12 Auer. Seminaire op Lëtzebuergesch fir JugendarbechterInnen fir sech gemeinsam iwwer d'Jugendarbecht no enger eventueller Legaliséierung vu Cannabis Konsum auszetauschen. An Zesummenaarbecht mam Cept

[www.egmj.lu](http://www.egmj.lu)

## Formatioune fir “Animateur spécialisé 2019”

Den SNJ sicht jonk an dynamesch Leit, déi wëllen un verschiddene Formatioune deel huelen fir duerno Gruppen z'encadréieren. Dëst a verschiddene Beräicher (Sport, Team Building, Medien, Interkulturell Léieren, gesond Ernierung a Bildung fir nohalteg Entwécklung) an hire Jugendzentre Lëlz, Huelmes a Märendall. D'Formatioune gi vum SNJ an deelweis an Zesummenaarbecht mat der ENEPS (Ecole nationale de l'Education Physique et des Sports) ugebueden.

**Plus d'infos :** [www.basenautique.lu](http://www.basenautique.lu)  
[www.marienthal@snj.lu](mailto:www.marienthal@snj.lu)  
[freelances@snj.lu](mailto:freelances@snj.lu) - T. 247 86496

## Tous les jeudis Politik Lexikon an Zesummenarbescht mam Zentrum fir politesch Bildung


All Donneschdeg op Radio ARA am Graffiti Talks tëschent 15 a 16 Auer op 102,9 oder 105,2 FM



## 5 déc. 2019 5. Symposium fir Jugendarbechter

**Jugendarbecht am Zäitalter vun der Digitaliséierung**  
Aschreiwung bis 5. November 2019

**Plus d'Infos :** [Kim.Schortgen@snj.lu](mailto:Kim.Schortgen@snj.lu)



# Zréck an d'Schoul

De Parcours Formation ass eng Kombinatioun vun Formatiounen a praktesche Projeten déi di Jonk stäerken fir erëm mat der Schoul unzefänken an en Ofschloss ze maachen.



Während 10 Wochen ginn déi Jonk duerch Formatiounen am Grupp, eng individuell Begleitung an den Engagement an engem praktesche Projet gestärkt a valoriséiert. Zil ass et, dass déi Jonk un hir Fäegkeete gleewen an dass si erëm Loscht kréien hirem individuelle Projet no ze goen. Nom Parcours gi si weiderhi begleet bis si sech erëm an der Schoul ageschriwwen hunn oder eng Léierplaz fonnt hunn.

### PLUS D'INFORMATIONS

ana.correiaadaveiga@snj.lu, nad T.: 621 182 763  
nadine.junker@snj.lu, T.: 621 391 190



De Parcours Formation gëtt 2 mol am Joer ugebueden mat ënnerschiddleche Schwéierpunkten:

- **Am Hierscht** geet et am Parcours "Empowerment" haaptsächlech drëm, Jonker, déi keng Léierplaz fonnt hunn oder sech net an enger Schoul konnten aschreiwen, erëm Selbstvertrauen ze ginn, hinnen d'Geleeënheet ze bidden Frustratiounen ofzebauen a Kompetenzen ze entdecken.
- **Am Fréijoer** bitt de Parcours "Ënnert d'Lupp" hinnen d'Méiglechkeet, hire Projet fir d'nächst Schouljoer ze schärfen an ëmzesetzen. Hei léieren si och, sech erëm fit fir d'Schoul ze maachen: Zäitmanagement, eege Stärkten a Schwächen kennen, sech organiséieren, déi nächst Schrëtt plangen a Villes méi.





# In die Berufswelt hineinschnuppern

Das Angebot der ALJ umfasst verschiedene Möglichkeiten, in die Berufswelt hineinzuschnuppern. Ob ein Schnupperpraktikum in einem Unternehmen oder ein Freiwilligendienst in einer gemeinnützigen Organisation, die Angebote sind soweit wie möglich aufeinander abgestimmt und unterstützen die Jugendlichen beim Übergang ins aktive Leben.



Wir versuchen die Informationen so gut wie möglich zu zentralisieren", erklärt Laura Urhausen von der ALJ Rumelange. „Dazu gehört auch der Austausch im Team, damit der Jugendliche nicht immer wieder bei Null anfangen muss.“ Die erste Anlaufstelle sind oft die BeraterInnen der ALJ, die versuchen, zusammen mit den Jugendlichen ihre Möglichkeiten auszuloten und festzustellen, welches Angebot von Nutzen sein könnte. „Manche Jugendliche wollen sofort arbeiten oder müssen die Zeit bis zum Anfang ihrer Lehre überbrücken“, erläutert Christiane Foubert, Beraterin bei der ALJ in Esch, „für sie sind die **Schnupperpraktika** ein guter Einstieg.“

Ein solches Praktikum dauert zwei Wochen, mit der Option auf vier Wochen zu verlängern. Das Angebot wurde im letzten Jahr von über 200 SchülerInnen genutzt, am beliebtesten waren Praktika in Geschäften, Friseur-salons, Kfz-Werkstätten und in sozialen Einrichtungen. Finden sollen die Jugendlichen den Praktikumsplatz selbst: Ausgerüstet mit einem Brief von der ALJ können sie sich bei einem Unternehmen ihrer Wahl bewerben. Während des Praktikums stehen die ALJ-MitarbeiterInnen in Kontakt mit dem Unternehmen und dem Jugendlichen und helfen auch bei der Entscheidung, wie es danach weitergehen soll. „Ein wesentlicher Punkt ist, dass die Jugendlichen eine positive Erfahrung in Bezug

auf Arbeit machen“, erklärt Elsa Gouveia von der ALJ Esch.

Um positive Erfahrungen geht es auch bei dem **nationalen Freiwilligendienst** (service volontaire national - SVN): Jugendliche zwischen 16 und 29 Jahren können sich über einen Zeitraum von drei bis zwölf Monaten bei einer gemeinnützigen Organisation engagieren und ein eigenes (Berufs-)projekt entwickeln. Für manche ist ein SVN eine Möglichkeit sich ein genaueres Bild von einem Arbeitsfeld zu machen, für andere steht der Aufbau eines Netzwerks von beruflichen Kontakten an erster Stelle. Manchmal geht es auch darum, eine Zeit der Inaktivität zu überbrücken und den Tagen Struktur zu geben. Bietet sich die Gelegenheit für ein berufsrelevantes Praktikum oder gar eine Arbeitsstelle, kann der SVN jederzeit unterbrochen werden.

Das Angebot des SVN geht weit über einen beruflichen Schnupperkurs hinaus. Alle Freiwilligen absolvieren einen viertägigen Intro-Kurs, bei dem sie das Programm und die anderen Freiwilligen kennenlernen. Die Gruppe wirkt über das ganze Projekt hinweg als Stütze: Alle 6-7 Wochen findet ein Treffen statt, unabhängig davon, ob bereits ein Platz für das SVN gefunden wurde oder nicht. „Unsere Tür bleibt immer offen“, so Laura Urhausen, „auch wenn mal was schief läuft. Fehler machen gehört dazu, aber man kann daraus lernen, das möchten wir den Jugendlichen mit auf den Weg geben.“



# Die ALJ an den Sekundarschulen

Zum Angebot der Antennes locales pour jeunes gehören auch Interventionen in Schulen für SchülerInnen der 5e des allgemeinen Sekundarunterrichts. Youthmag war bei einer solchen Intervention im Lénster Lycée dabei.

**E**s hat gerade geklingelt, Guy Tondt und Yves Putz von der ALJ Grevenmacher sind auf dem Weg zu der Klasse mit der sie heute über Ausbildung und berufliche Zukunft reden werden. Die sechzehn SchülerInnen zwischen 15 und 17 Jahren müssen in naher Zukunft grundlegende Entscheidungen zu ihrem weiteren Bildungsweg treffen. Versuchen sie den Sprung in die nächsthöhere Klasse oder beginnen sie mit einer Berufsausbildung? Und wenn ja, welche soll das sein?

## „DAMIT ETWAS PASSIERT, MÜSST IHR ETWAS TUN“

Ehe es ans Eingemachte geht, werden Bänke und Stühle an die Wand gerückt. Ein Ballspiel weckt die letzten Teilnehmenden auf und legt den Fokus auf Konzentration und Zusammenarbeit. Nach dem Spiel präsentieren sich die SchülerInnen einzeln vor der Klasse und den Besuchern der ALJ. Sie erzählen von ihren Hobbys, ihrem letzten Praktikum, ihrem Traumjob und ihren Plänen für die nächsten Monate. Manche haben eine klare Vorstellung, andere sind noch ratlos.

Einfühlsam und mit einer Portion Humor greifen die Mitarbeiter der ALJ Themen auf, die für alle Schüler relevant sind. Eine wichtige Rolle spielt dabei auch Christian Mertens, der ALJ-Koordinator in der Schule. Da er sich auch um die Orientierungsmaßnahmen in der Schule kümmert, kennt er

die SchülerInnen und ihre Pläne. Das nächste Praktikum soll in drei Wochen anfangen, bisher haben nur vier Schüler eine Stelle gefunden. Demnach ist die Hauptmessage: Macht euch Gedanken und kümmert euch um den nächsten Schritt.

## VORBEREITUNG AUF SCHWIERIGE SITUATIONEN

Nach der Pause geht es in die zweite Runde. Bei den Präsentationen hat sich herausgestellt, dass die wenigsten sich im Laufe ihres Praktikums getraut haben, Missstände anzusprechen. Die nächste Übung soll sie dazu anregen, darüber nachzudenken, wie sie mit Konflikten umgehen. Anhand von Übungen und Rollenspielen setzen sie sich mit ihrem Konfliktstil auseinander und lernen wie man in verschiedenen Situationen, damit umgehen kann.

Die Interventionen werden jeweils an die Anfrage der Schule und die Bedürfnisse der SchülerInnen angepasst: Orientierungsfragen, Bewerbungstraining oder auch Begleitung bei Elterngesprächen in der Schule gehören zum Angebot dazu. Ziel der Interventionen in den Schulen ist vor allem, die Jugendlichen kennenzulernen und ihnen das Angebot der ALJ zu präsentieren. Der Kontakt wird bereits in der Schule geknüpft, damit die Jugendlichen in schwierigen Situationen wissen, an wen sie sich wenden können und nicht in die Inaktivität abrutschen oder die Schule abbrechen.





# Maison de l'orientation

## Orientierung, Austausch, Weiterbildung

Das Parlament hat 2017 ein neues Gesetz zur Maison de l'orientation gestimmt. Seit Januar 2018 ist Mike Engel neuer Direktor des "Service de Coordination de la Maison de l'orientation". Im Interview erzählt er, was in Zwischenzeit passiert ist und wie die Pläne für die Zukunft des Hauses aussehen.

Mike Engel



**YM: Was hat sich seit der Einführung des neuen Gesetzes verändert?**

**Mike Engel:** Zum einen wurde ein Service de coordination eingesetzt. Meine Mitarbeiterinnen und ich sind zuständig für die interne Koordination, aber auch für die Kooperation mit externen Partnern wie Ministerien oder Berufskammern. Auch die Koordination der neu gegründeten Cellules d'orientation in den Schulen fällt in unseren Bereich. Zum anderen wurden die Missionen der Maison de l'orientation (MO) klar festgelegt: Es soll ein „Guichet unique“ entstehen, der Jugendlichen und Erwachsenen den Weg zu allen möglichen Ressourcen im Bereich der schulischen und professionellen Orientierung aufzeigt und gleichzeitig als Plattform des Austauschs und der Weiterbildung für die Akteure dient.

**YM: Was steht als nächstes an?**

**Engel:** Es ist mir wichtig, die MO als Einheit zu präsentieren und die bereits bestehenden Angebote besser nach außen hin sichtbar zu machen. Nur wenige wissen zum Beispiel, dass wir über einen Pool von etwa 70 interkulturellen Mediatoren verfügen, die sowohl in der MO als auch in Schulen tätig sind. Es gibt aber natürlich auch neue Projekte: Zusammen mit Vertretern aus Unternehmen wollen wir in Workshops ein konkretes Berufsbild zeigen, besonders in den Sparten, in denen es an Nachwuchs mangelt. Geplant ist auch, dass ab September im Science Center in Differdingen Workshops angeboten werden, in denen Schüler die unterschiedlichen Facetten von Handwerk und Beruf kennenlernen können.

**YM: Kann man sich auch online über die Angebote der MO informieren?**

**Engel:** Im Moment läuft die Kommunikation von aktuellen Events hauptsächlich über unsere Facebookseite. Im Herbst soll unser Internetportal online gehen: Wir haben in den vergangenen Monaten zusammen mit unseren Partnern eine Struktur mit verschiedenen Rubriken ausgearbeitet, um die Informationen für die verschiedenen Zielgruppen wie Schulen, Fachkräfte oder Jugendliche möglichst komplett und leicht auffindbar zu machen. Die Maison de l'orientation soll nicht nur in der analogen, sondern auch in der digitalen Welt zu einem „Guichet unique“ werden.

In der Maison de l'orientation sind zurzeit vier Organisationen vertreten:

- Das **CePAS** wendet sich an Schüler und Eltern, die auf der Suche nach psychologischer Beratung und Unterstützung sind.
- Die **Adem-OP** informiert über Berufe und Ausbildungsplätze.
- Die **ALJ-Luxembourg** begleitet Jugendliche auf dem Weg ins Berufsleben oder zurück in die Schule.
- Der **Secam** ist zuständig für junge Menschen, die gerade erst im Land angekommen sind.

**PLUS INFORMATIONS**  
info@m-o.lu, T.: 8002 8181



# De Kamellebuttek – Ee Paradäis fir Kënschtler

Urbano Limits ASBL setzt sech zu  
Esch Uelzecht fir Konscht a Kultur an.

**D**e Raphael Gindt vun „Urbano Limits ASBL“ beschreift de Kamellebuttek als klengt Paradäis wat Wierklechkeet gëtt. Dës aussergewöhnlech flott Plaz vereent professionell an Nowuesskënschtler ewéi och Konschtinteresséiert. Belieft gëtt de Kamellebuttek vun engem Atelier fir Kënschtler an enger Galerie. Am nämmlechten Haus bauen de Raphael Gindt, Daniel MacLloyd an d'Flore Friden eng Konschtschoul fir Grouss a Kleng op.

Konschtinteresséiert aus alle Generatioune sinn häerzlech wëllkomm fir un de Workshops deel ze huelen. Och Maison Relais'en an Jugendhaiser sinn agelueden, sech bei hinnen ze mellen.

Voller Motivatioun huet di dynamesch Grupp u Kënschtler een ofwiesslungsräiche Programm fir d'Konschtschoul zesumme gestallt a mat enger finanzieller Ënnerstëtzung vum SNJ lancéiert.

Sidd dir firwëtzig ginn an hutt Loscht ärer Kreativitéit fräie Laf ze loossen? Da kuckt iech de Programm vun der Konschtschoul un: <http://www.kamellebuttek.lu/itinerant-workshops/>

## PLUS D'INFORMATIONS

Kontakt Konschtschoul: [kamellebuttek.lu](mailto:kamellebuttek.lu)  
[hello@gindt.eu](mailto:hello@gindt.eu)



Dir hutt e flotte Projet fir a mat Jonke zëssammen, da  
mellt iech: <http://youth.lu/fr/projetgo>

mail: [projetgo@youth.lu](mailto:projetgo@youth.lu)

Deadlines fir är Kandidatur:

- 01.06.2019
- 01.09.2019
- 01.12.2019



# Den neie YOUTH.LU! Am neie Look & Feel!

Den neie Site erméiglecht den Austausch vun Informatiounen am Jugendsecteur. Nieft Neiegkeeten aus dem Secteur fënnt een op dëser Plattform en Iwwerbléck iwwer Organisatiounen a Chaleten vum Secteur an eng Oplëschting vu bestoende Finanzeierungsméiglechkeete fir Projeten.


## • Sech vernetzen a sech fannen

Hei fannt dir eng Iwwersicht iwwert d'Jugendorganisatiounen, d'Jugendhaiser, d'Scoutsgruppen an och aner Organisatiounen, déi am Secteur aktiv sinn. Wann dir als Struktur nach net derbäi sidd, da kënnst dir lech natierlech och ganz einfach hei androen.



## • Aktuelles aus dem Jugendsecteur

Um Youth.lu ginn d'Acteuren aus dem Secteur gewuer, wat dem SNJ a seng Partner hir meiste Offere sinn. Et gëtt een iwwert YouthMAG a YouthLETTER awer och soss nach allerlee gewuer, wat déi lescht Zäit am Secteur esou gelaf ass. Als Struktur oder Organisatioun hutt dir natierlech d'Méiglechkeet dës Inhalter aktiv matzegestalten – sot ons also Bescheid, wann dir en interessante Projet hannernt lech hutt!



## • Eng finanziell Ennerstëtzung fir e Projet fannen

Oft stellt sech d' Fro nom Finanzielle wann een e Projet wëll entwëckelen. Op dëser Plaz fënnt een aktuell Finanzeierungsméiglechkeeten vun deenen dir als Struktur oder och als Grupp kënn profitéieren.

## • E Chalet zu Lëtzebuerg fannen

Dir sidd op der Sich no engem Daach iwwert dem Kapp am Kader vun engem Projet oder enger Aktivitéit? Hei fannt dir eng Oplëschting vu Chaleten zu Lëtzebuerg, déi fir esou Zwecker zur Verfügung gestallt ginn.

# UN MOIS À L'ÉTRANGER

## SERVICES VOLONTAIRES EUROPÉENS EN GROUPE DANS LE CADRE DU CORPS EUROPÉEN DE SOLIDARITÉ



### **Finlande Été 2019**

Aider à construire  
un chemin-passerelle  
en forêt



### **Grèce Automne 2019**

Aider à aménager  
un sentier de mémoire  
(2<sup>e</sup> Guerre mondiale)



### **Finlande Novembre 2019**

Activités de Noël  
avec des enfants  
et des familles